66ème Championnat du Monde Pêche au Coup par Nations 2019

Canal DTD – Novi Sad SERBIA

02.09.2019 – 09.09.2019

SEPTEMBER

06

Bericht vum Fernand Schmitt vum 6. Dag

Leschten an offiziellen Training zu Novi Sad ob der WM. Box 15 Secteur C.

Mir hunn, nodeem mer gëschter Owend no der Ouverture, eis nach eng Kéier zesummen gesat fir iwwer dat Ganzt ze diskutéieren.

Iergendwéi hat een Gefill wéi wann eis Jongen net zefridden wieren. Hunn hinnen awer gesot, dass se net derniewent leien an mol einfach un sech gleewen sollten. Den dominanten Fësch, an dat ass aus der Diskussioun eraus gaangen, ass sécherlech den Katzefësch, an zwar an all Secteur. An den Secteuren D an E sinn Katzen méi deck an do woren och Gewiichter vun bis zu 8 kg gefaangen ginn. Fransousen hunn déi Secteuren gëschter an och haut dominéiert.

Zeréck zu eiser Équipe. Mir haten dann och haut gesot, dass zwee Leit et duerchzéien sollen. An déi hunn och Allenzwee 4.000 an 4100 Gramm gefaangen. Déi aner Gewiichter loungen zwëschen 2000 an 3200 Gramm. Do ass awer nach ze laang ob Distanzen zwëschen 8 an 13 Meter gefëscht ginn. Dat wor allerdéngs an der Équipe esou ausgemaach.

Während deem mer een klengen Snack beim Erny sengem Auto zu eis geholl hunn, ass och schonns iwwer haut zesummen geschwat ginn, an et ass een sech eens dass Katzenfësch och muss gefëscht ginn an zwar och iwwer déi 4 Stonnen. Wat eis villäicht entgéint kennt ass och eis Fëscherei op d' Grondel, well den Rhythmus och an sech deen selwechten ass, ob jiddefall mol an den Secteuren A, B an och C.

Den Tirage ass och gemaach an eis Leit setzen an folgenden Secteuren:

Pit	am A
Romain	am B
Bill	am C
Marc	am D
Roger	am E

Muer ass et wou et gëllt an ech hoffen dass mer eis Fëscherei mol eng Kéier bestätegen kéinten, well wei gesot, derniewent louchen mir net. Dréckt eis all Daumen doheem.

66ème Championnat du Monde Pêche au Coup par Nations 2019

Canal DTD – Novi Sad SERBIA

02.09.2019 – 09.09.2019

SEPTEMBER

06

Bericht vum Fernand Schmitt vum 6. Dag

66ème Championnat du Monde Pêche au Coup par Nations 2019

Canal DTD – Novi Sad SERBIA

02.09.2019 – 09.09.2019

SEPTEMBER

06

Bericht vum Fernand Schmitt vum 6. Dag